PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Den *L'essentiel* huet de 16ten November 2025 beriicht, datt d'Awunner vun Hesper duerch eng Dreifjuegd an der direkter Ëmgéigend vun engem Wunngebitt beonrouegt sinn. Op d'Froe vun den Awunner, ob Kontrollen an Alkoholtester géingen duerchgeféiert ginn, verweist d'Gemengeverwaltung op d'Verantwortung vum Ëmweltministère am Beräich vun der Juegd.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt d'Sécherheet vun den Awunner garantéiert, wann eng Dreifjuegd an der direkter Ëmgéigend vun engem Wunngebitt organiséiert gëtt?
2. Wäerten/goufen bei dëser Dreifjuegd Kontrolle vun der Ëmweltverwaltung gemaach? Falls jo, wat sinn d'Resultater?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten